N° 5902
Reçue le 11.04.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Äntwert vum Här Minister fir Immigratioun an Asyl op d'parlamentaresch Ufro 5902 vum 9. März 2022 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen

D'Leit déi aus der Ukrain geflücht sinn an net privat ënnerkomm sinn, ginn an enger éischter Phas an engem Centre de Primo-accueil opgeholl. An dëser Structure d'hébergement d'urgence Kirchberg (SHUK) ass eng designéiert Plaz ageriicht mat Déiere-Boxen, wou de geflüchte Leit hir Déiere kënnen ënnerbruecht ginn. D'Inspection vétérinaire kennt emol an der Woch an d'SHUK fir all d'Déieren ze chippen, ze impfen an z'entwuermen.

Aktuell sinn all d'Leit déi Déiere matbruecht hunn an der SHUK logéiert, mat e puer Eenzelfäll nach op engem anere Site, sou dass si sech net hu misse vun hiren Déieren trennen.

D'Regierung ass amgaangen mat de concernéierten Acteuren e Gesamtkonzept auszeschaffen.

Letzebuerg, 8. Abrëll 2022.
Aussen- an Europaminister
(s.) Jean Asselborn